N°2072
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Et gëtt ëmmer méi Leit déi hir Ausbildung an de medezinesche Beruffer ausserhalb vun der Europäescher Unioun ofgeschloss hunn an déi hir Fäegkeeten am Déngscht vun der lëtzebuergescher Gesellschaft wëllen abréngen. Aktuell ginn et awer nach vill Hürden, déi dës Leit iwwerwanne mussen, fir kënnen hei am Land ze schaffen. Grad an Zäite, wou Lëtzebuerg ënnert engem Manktem u qualifizéiertem Gesondheetspersonal leid, wier et wichteg fir d'Prozeduren ze vereinfachen an de Wee an d'Beruffsliewen ze erliichteren. Doduerch kéint een och der Diversitéit an eisem Gesondheetssystem Rechnung droen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Mesurë gesäit de Ministère fir, fir de Prozess vun der Unerkennunge vun den Diplomer aus Drëttlänner méi einfach ze gestalten?

2. Wéi kann een d'Kompetenzen an d'Erfarunge vun de Leit mat Ofschlëss aus Net-EU-Länner besser an eise Gesondheetssystem integréieren?

3. Wéi wëll de Ministère verhënneren, datt qualifizéiert Leit aus dem Ausland ofgeschreckt ginn, fir sech hei am Land ze engagéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten